**Christiane Beckius**
**25, rue Principale**
**L-5480 Wormeldange**
**christiane.tapio@gmail.com**
**wormer2018.com**
**@LetzbeOne**

Wormer, den 21. Mee 2019

Här Xavier Betttel
Staatsminister
Ministère d'Etat
4, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Betrëfft : **"Wat bedeit Europa, wann et engem am eegene Land net gutt geet ?"**

Här Staatsminister,

An Ärer Ried "Etat de la Nation 2017" huet Dir kloer gesot : "Lëtzebuerg geet et gutt, wann et de Mënsche gutt geet". Dat wier jo schéin a gutt, mä et geet haut net méi jidderengem gutt. Ech maache mer elo Gedanke, wat fir eng Bedeitung Europa fir déi Lëtzebuerger huet.

Bäigefügt fannt Dir meng Iwwerleeungen : **"Wat bedeit Europa, wann et engem am eegene Land net gudd geet ?"**, an dësem konkrete Fall, am Zesummenhang mat **Wormer** an eiser schéiner Muselgéigend.

Ech verstinn, datt Dir, Här Staatsminister, bei enger net méi erträglecher Verkéiersituatioun zu Wormer net agräife kënnt, well dat ënnert der Kompetenz vum Transportminister ass. Wann awer Gerechtegkeet a Fairness Är demokratesch Grondsäz sinn, da muss bei enger offensichtlech flagranter **Diskriminatioun** - géigeniwwer de Geschäfter zu Wormer a géigeniwwer den Awunner vun der Gewân - agegraff ginn, well e bedeitende Schued duerch den absurde **"Wormer Karussell"** entstanen ass.

**D'Zukunft vu Wormer steet um Spill…**

Am Viraus soen ech Iech villmools Merci.

Mat beschte Gréiss.

Ënnerschrëft

Christiane Beckius

Annexes (2)

## Wat bedeit Europa…

- **Wat bedeit Europa**, wann et engem am eegene Land net gutt geet ?
- **Wat bedeit Europa**, wann et am eegene Land keng Liewensqualitéit op den Haaptstroosse méi gëtt ?
- **Wat bedeit Europa** fir deen, dee säi Geschäft zoumaache muss, well duerch en temporaire “Sens Unique” seng Konne verluer ginn, säin Ëmsaz ferm erofgaangen ass an doduerger Personal huet missen entlooss ginn ?
- **Wat bedeit Europa**, wann d’Politiker hiren eegene Landsleit net hellëfen ?

D’Liewensqualitéit an de “Bien-Être” vun de Bierger stinn leider net méi am Mëttelpunkt an d’Zukunft vu Wormer steet um Spill… An der “rue Principale” vun der Gewân zu Wormer, hunn Leit gewunnt, déi, wéinst dem zouhuelenden an net méi erträgleche Verkéier, et net méi ausgehalen hunn a geplënnert sinn, well se finanziell Moyene haten. An der “rue Principale” vun der Gewân zu Wormer, ginn et awer och Leit, déi al, krank oder aarm sinn an deenen et net méiglech ass ze plënneren.

Den temporaire “Sens Unique” am Duerfkär, den nach ëmmer net ewech geholl ginn ass, wor nëmmen fir **5** Méint virgesinn. Et wor eng Iwwergangsléisung, an zwar während der Erneierung vun der Gréiwemaacher Bréck am Joer 2013. Elo waarden mer awer scho 6 Joer drop, datt mer eis fréier Liewensqualitéit erëmkréien !

Den temporaire “Sens Unique” am Duerfkär verstéisst géint d’Ziler vum Klimapakt, well de Verkéier elo en 3x méi laangen Emwee mécht a laanscht eng zousätzlech Spillplaz fiert. Niewent der alldeeglecher “Iwwerschwemmung” vum Verkéier hu mer dann och iwwert de ganzen Dag, en hin an hier vu Tanktourismus bei enger Tankstell, déi bei Héichwasser iwwerschwemmt gëtt !

Den temporaire “Sens Unique” ass awer virun allem eng offensichtlech flagrant **Diskriminatioun** géigeniwwer de Geschäfter zu Wormer a géigeniwwer den Awunner vun der Gewân !

- **Wat bedeit Europa**, wann dem Bierger net d'Wourecht gesot gëtt, d'Politiker falsch Informatioune ginn an de Bierger mat hire Suergen einfach eleng gelooss ginn ?
- **Wat bedeit Europa,** wa gemeinsam keng Léisung gesicht gëtt, well en Dialog zwëschen de Politiker an dem Bierger feelt ?
- **Wat bedeit Europa**, wann d'Politiker ënnert sech selwer och net eens ginn, wann awer d'Kierch and d'Monarchie d'Leit zesumme bréngt ?
- **Wat bedeit Europa**, wann d'Gerechtegkeet ze deier gëtt ?

No 6 Joer op den Dag genau an no 25 Bréiwer ass ongewollt e Buch entstanen ! Ech hunn an all deene Joeren d'Autoritéiten alleguerten ugeschriwwen, mä kee wëll hei d'Verantwortung droen ! Den Här Bausch, schreift, datt d'Reglementéierung vum Verkéier ënneruerts vun der Gemeng initiéiert muss ginn, och wann et sech ëm eng Staatsstrooss handelt. D'Administration vu Ponts & Chaussées äntwert no 3 Bréiwer mol net an d'Chamber akzeptéiert meng Petitioun och net !

Iech, Här Premier Minister, hunn ech den 23. Juni 2016, en Dossier vun iwwer 100 Säite geschéckt an ënnert anerem, de Bréif n° 21, deen ech Iech perséinlech op Ärer Walversammlung vum 20. September 2018 iwwerreecht hunn, deen awer bis haut nach net beäntwert ginn ass.

**5** Léisungsvirschléi goufen dem Wormer Gemengerot virgeluecht fir d'Uleies vun de Geschäftsleit am Zentrum vum Duerf an vun den Awunner op den Haaptstroossen vun der Gewân an a villen aneren Dierfer, fair a gerecht ze léisen an esou den absurde "**Wormer Karussell**" ze stoppen ! Et besteet awer ëmmer nach kee Problemléisungswëllen !

Wann d'Bierger mat hire Suergen einfach eleng gelooss ginn, muss ee sech dann nach wonneren, wann aner Parteien Zoulaf kréien, déi am Gaang sinn, sech ëmmer méi aktiv duerchzesetzen, wéi d'Partei vun der Madame Le Pen, oder vum Här Salvini, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen ! Si wëssen, wéi si onzefridde Stëmme fänken, andem se d'Angscht an d'Onsëcherheet vun de Leit ausnotzen. Et feelen dann och nach eng ganz Rei vu Wieler, deenen Europa egal ass, well et hinne nach gudd geet ! Dat alles deit doropshin, dat Europa den 26. Mee 2019 erëm eng "schéin" Iwwerraschung kritt, well Europa, wéi beim Brexit, erëm net virbereet ass !

- **Wat bedeit also haut en Europäer ze sinn ? Wa mer schon op dem selwechte Kontinent gebuer sinn, muss haut dann net, méi wi jee, FRIDDEN, GERECHTEGKEET, FAIRNESS, TOLERANZ, VERANTWORTUNG, SOLIDARITÉIT, FORTSCHRËTT, VIELFALT, INTEGRATIOUN, DIALOG a MUT** ugestrieft ginn oder sinn dat net Är Grondsäz, Här Staatsminister ?

Europa ass am Gaang sech ze destabiliséieren a fir sech ze repositionéiren, muss eng vereente Front mat allen europäesche Länner geschaafe ginn fir de Fridden net a Fro ze stellen. D'Politiker mussen gemeinsam dofir suergen, dat dës imminent Aufgab gemaach gëtt, fir dat Europa - an och Wormer an Europa - eng Zukunft huet…

Merci.

*"This is indeed a time when we need to fight for our principles and fundamental values."*

Angela Merkel
*The Guardian, 15 May 2019*